



Nordstad, 5. Oktober 2020

Nordstad: Loosst eis endlech zesummeschaffen!

Ab dëser Woch gi fir déi éischte Kéier säit dem Ufank vun de Fusiounsgesprécher an der Nordstad d'Awunner*innen a Biergerforen ëm hir Meenung dozou gefrot. An de leschte Méint sinn allerdéngs duerch de Projet vun enger Wandkraaftanlag vun de Gemengen Ettelbréck an Dikrech, déi direkt op der Grenz zu Biirden erriicht soll ginn, Zweifel um Respekt vun de „grousse“ par Rapport deene „klenge“ Gemengen opkomm. **Déi Gréng aus der Nordstad erneieren hire Support fir eng Fusioun vun de 5 Nordstadgemengen** a fuerderen déi politesch Responsabel op endlech mat hirer Kierchtuermspolitik opzehalen a serieux matenaner ze schaffen.

Biirder Wandmillen

Mir si weiderhin zu 100% dovunner iwwerzeegt, datt mer eis Problemer an Aufgaben an der Nordstad just gemeinsam geléist kréien. Wann Ettelbréck an Dikrech vun Ufank u mat all senge Partnergemengen no gëeegente Plaze fir esou Anlage gesicht hätten, da wieren d'Problemer mat deene mir elo ze kämpfen hunn och net opgetaucht.

Elo geet et awer drëms fir aus dëser fir d'Zukunft vun der Nordstad schwiereger Situatioun erauszekommen. Eis Fuerderungen dofir si kloer:

- ***De Projet vun der Wandmille bei Biirden fale loossen***

Ee Projet, egal wéi sënnvoll en och ass, ouni Récksiicht op Verloschter stuer ëmzesetzen, huet wäitreechend Konsequenzen. An dësem Fall géing awer net just d'Akzeptanz fir weider immens wichteg Projeten am Klima- an Energieberäich erofgoen, mä **als Kollateralschued géing och déi regional Zesummenaarbecht, an domadder d'Nordstad als solches a Gefor geroden**. Dat bedeit natierlech net, datt mir géint d'Notze vun der Wandkraaft an eise Gemenge sinn! Mir gesinn awer hei, datt et net klappe kann, wann een d'Leit, ewéi aner Gemenge virun ee „fait accompli“ stellt.

- ***Ee gemeinsaamt regionaalt Energiekonzept ausschaffen***

D'Klimakris ass a bleift Realitéit, an och d'Gemenge mussen dowéinst un hiren CO₂-Emissiounen schaffen. **Fir d'Nordstad ass déi aktuell Diskussioun ëm d'Wandmille bei Biirden dowéinst ëmsou méi eng Chance fir aktiv ze ginn an ze weise wat fir ee Potenzial dës Regioun eigentlech huet, wann een zesummen un engem Strang zitt**. Ee gemeinsaamt Energiekonzept, wat mat alle wichtegen Acteuren, also och mat de Leit selwer, ausgeschafft gëtt, géing dobäi och de regionale Gedanken an der Nordstad stäerken. Heibäi soll net just iwwerluecht ginn, wou a wéi een erneierbare

Stroum hierstelle kann, mä och wéi een de Leit kann hëllef op propper Energien
ëmzeklammen an an Zukunft insgesamt manner Stroum ze verbrauchen.

Biergerforen an der Nordstad

Wat de Prozess vun der geplangter Fusioun als solches ugeet, ass d'Abézéie vun de
Biergerinnen a Bierger immens wichteg. Mir kënnen dobäi awer net novollzéie firwat
bei dëse Biergerfore just innerhalb de Gemengen, spréich d'Bettenduerfer Leit enner
sech, etc. iwwer Themen ewéi Participatioun an de Logement diskutéiert soll ginn.
**D'Fusioun vu 5 Gemenge klappt just, wa mer ebe grad iwwer déi aktuell
Gemegegrenzen ewech zesummen denken a schaffen!**

Fir déi gréng NORDSTAD

Frank Thillen

Christof Theis

Abbes Jacoby